ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. August 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Justizministesch an un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Et schéngt, ewéi wann nom Lockdown och déi organiséiert Heescherei nees zougeholl hätt. An deem Kontext stellt sech d'Fro, wéi eng Mesuren der Justiz an der Police am Hibléck op déi organiséiert Heescherei zur Verfügung stinn a wéi dës genee kënnen applizéiert ginn, fir esou all Méiglechkeet vun Interpretatiounsspillraum ze verhënneren.

An dësem Zesummenhank géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Wéi gesäit déi aktuell legislativ Situatioun am Hibléck op déi organiséiert Heescherei aus? Wéi eng Méiglechkeet hunn d'Police an d'Justiz, fir géint dëse Phenomen virzegoen?
2. Wéi eng Mesuren hëlt d'Regierung opgrond vun der aktueller legislativer Situatioun, fir géint déi organiséiert Heescherei virzegoen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742